Lëtzebuerger Guiden a Scouten

# Erneierung vun enger Ernennung bei den LGS



## Allgemeng Informatiounen

- All Ernennung gëllt an der Reegel fir maximal 3 Joer a ka wärend der Dauer vun der Ernennung an duerno erneiert ginn.
- Fir eng Ernennung kënnen z'erneieren, muss de Chef u verschidde „Kanu-Aktivitéiten" deelhuelen an doduerch „Paddelen" sammelen.
- Als Kanuaktivitéit gi Verbandsaktivitéiten a Formatioune vun de Verbandsekippen an Aarbechtsgruppen gezielt. (keng Formatiounen vun externen Organisatiounen)
- Ernannt Cheffen, déi méi wéi eng Ernennung hunn, kënnen all hir Ernennunge mat deene selwechte Paddelen erneieren.
- Eng Erneierung vun enger Ernennung muss net méi ugefrot ginn, ausser Gruppechef- an AS-Ernennugen.

## Checkpoint System

- De Responsabele vun der Aktivitéit/Formatioun mellt d'Aktivitéit un.
- De Formatiounscommissaire decidéiert, fir wéi eng Aktivitéiten een e Paddel ka kréien.
- Bei der Aschreiwung virun der Aktivitéit gëtt d'Chefkaart vum Chef/taine eragescannt an d'Aktivitéit gëtt am Chefaccount/Memberfichier enregistréiert.
- Mat engem Paddel gëtt d'Ernennung e Joer verlängert.

### Erneierung vun enger Assistent- o. Branchechef-Ernennung

De Chef mellt sech mat senger digitaler Chefkaart bei der Aktivitéit un, seng Chefkaart gëtt gescannt.
D'Aktivitéit gëtt am Chefaccount vum Chef bzw. am Membersfichier enregistréiert an de Chef kritt e Paddel.

Pro normale Paddel ginn all gëlteg Ernennungen (ausser GC/AS) ëm 1 Joer verlängert, max. bis 3 Joer. Wann een innerhalb vun 3 Joer méi Paddele sammelt, déi ginn bei der Ernennung net méi cosideréiert.

**Beispill:** *Eng Ernennung ass vun 2021 bis 2024 gëlteg. Wann een an dëser Perioud 3 Paddele sammelt, gëtt d'Ernennung max. bis 2027 verlägert. Wann een 5 Paddele sammelt, gëtt d'Ernennung och bis 2027 verlängert. Wann een 2027 z.B. um Kongress deelhëlt, gëtt seng Ernennung 1 Joer verlängert. Mat all Paddel kann d'Ernennung 1 Joer verlängert ginn, mee mat enger Maximalverlängerung vun 3 Joer, also max. bis 2010.*

Ass eng Ernennung ofgelaf, kann d'Ernennung mat engem Paddel bis den nächste Kongress reaktivéiert ginn.

### Erneirung vun enger Gruppechef-Ernennung

De Chef mellt sech mat senger digitaler Chefkaart bei der Aktivitéit un.
D'Aktivitéit gëtt am Chefaccount vum Chef bzw. am Membersfichier enregistréiert.
Gruppechef mussen ausserdeem 1 speziell GC-Paddelen (Renconteren) sammelen.

**Opgepasst!** Eng Erneierung vun enger GC Ernennung muss iwwer de Formulaire Demande fir eng Ernennung ugefrot ginn. Hei muss den Accord vum Grupperot drugehaange ginn.

### Erneirung vun enger Animateur spirituell-Ernennung

De Chef mellt sech mat senger digitaler Chefkaart bei der Aktivitéit un.
D'Aktivitéit gëtt am Chefaccount vum Chef bzw. am Membersfichier enregistréiert.
Animateur spirituell mussen ausserdeem 1 speziellen AS-Paddel (Spiri-Aktivitéit) sammelen.

**Opgepasst!** Eng Erneierung vun enger AS Ernennung muss iwwer de Formulaire Demande fir eng Ernennung ugefrot ginn.